piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

No engem Artikel op der Plattform tagesschau.de vum 10t Juni, ginn et an Europa Problemer mat Waffen a Munitioun, déi bei der Invasioun vun der Ukrain vum Schluechtfeld um Schwaarzmaart landen an esou aktuell vu kriminelle Bande genotzt ginn. Den Artikel setzt op d'Noutwendegkeet vun enger koordinéierter europäescher Äntwert, fir dëse Problem unzegoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung de Risiko, datt Waffen oder Munitioun aus dem Krich an der Ukrain op de Schwaarzmaart an d'Hänn vun organiséierter Kriminalitéit an Europa an och Lëtzebuerg geroden?
2. Wéi eng Kontroll gëlle bei der lëtzebuergescher Ënnerstëtzung fir d'Ukrain a punkto Waffeliwwerungen a wéi eng Initiativen an der EU an an der NATO ënnerstëtzt d'Regierung, fir den Informatiounsaustausch an d'Bekämpfung vum illegale Waffenhandel an dësem Kontext ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés